

Text: Claudine Muno
Illustratioun: Pit Weyer

Godrong

D'Rosa gräift an de Pawee. De Stee wackelt, mee e gött net no. Dee stuere Wak, déi tockeg Mouk. D'Rosa hëlt em et net iwwel, well hatt ass grad esou stuer. Se sinn aus dem selwechte Fiels gehaen.

Mat Steng kennt hatt sech aus. Groussen a klengen, rauen a glaten, Zillesteng a Kiselsteng, Bimssteen an Zännsteen, souguer Nieresteng huet hatt am Sortiment. Et ass och net, wéi wann et hei ënnen am Dall vill anescht géif ginn.

Wann ee behaupt, dass ee kee Wak huet, da leet e sech schlecht un, mengt d'Rosa. Et kann een sech och Steng an déi eidel Täsche stiechen an da fillen se sech esou voll un, wéi wann ee Milliounen hätt. D'Rosa huet ee Steen nom anere mat den Zänn aus dem Fiels gebass, dee sech ronderëm den Dall an d'Luucht streckt, esou laang bis säi Gebëss selwer stompeg a quadratesch war wéi de Pawee.

De Wëllem dréckt sech de Brëll erop. Ass déi kleng Fra do iwwer tatsächlech am Gaangen an de Pawee ze bäissen? Hie fiert sech mat der Hand iwwert seng kuerz Fliichten. Géff Ingenieur, haten se zu him gesot. Dat ass e Beruff mat Zukunft. De Wëllem huet sech nach ni vill fir d'Zukunft interesséiert. Ëmmerhi konnt keen him garantéieren, dass hien iwwerhaupt laang genuch géif liewen, fir an der Zukunft unzekommen.

Gebaut gött ëmmer, haten se him gesot, wann een op engem Eck fäerdeg ass, da fänkt et op deem aneren Eck schonn erëm u mat bréckelen. Da mécht een d'Vergaangenheet zu Kräsi an et baut een d'Zukunft doraus.

De Wëllem wier léiwer Historiker ginn. D'Vergaangenheet huet hien ëmmer méi interesséiert wéi d'Zukunft. Mee Historiker war definitiv kee Beruff mat Zukunft.

D'Rosa weit de Steen an der Hand. Souguer dat Bannenzegt vu senger Patt ass geradderegt wéi de Fiels. Hatt ka mat der Fauscht Neel an d'Mauere klappen an un den zéng Fanger Messere schläifen. Schonn dem Rosa säi Papp hat him ëmmer esou enegesch an d'Akaul geschloen, bis do eng déck Couche Houf gewuess war. Am Liewe muss een haart sinn, hat säi Papp gesot, an et war un him, fir d'Kanner ofzehäerden. Do konnt een och grad esou gutt mat der Akaul ufänken. Elo ass d'Rosa erwuessen an haart duerch an duerch, just op enger klenger Plaz ass säin Häerz e bësse mëll, iwwerzeideg souzesoen, wéi eng brong Plaz op enger gieler Banann. Villäicht war et wéi beim Achilles, villäicht hat een hatt do eemol ze fest ugepaakt an him mam Domm eng Kaul matzen an d'Häerz gedréckt.

Eng Kaul, esou déif wéi en Dall. Et ass dem Rosa säin Dall an dem Rosa säi Pawee an hatt kann domadder maache wat hatt wëll. Léiwer ësst hatt hei den Dall op de réie Mo Stéck fir Stéck, wéi dass hatt deenen aneren och nëmmen e Grapp Kräsi iwwereg léisst. Well hei ënnen ass d'Rosa d'Kinigin: Hatt huet méi Krounen am Mond, wéi de Grand-Duc am Schaf.

Ass dat e Paweesteen, deen déi kleng Fra vis-à-vis am Grapp huet? De Wëllem hieft virsiichteg béid Hänn an d'Luucht, mat den Handflächen no vir gedréint. Si haten hie gewarnt virum Rosa vu Lëtzebuerg. Pass op, haten se him gesot. Mee dass hatt géif mat Paweesteng schéissen, dovunner war ni rieds gewiescht.

A senger Täsch huet de Wëllem en offiziellt Schreiwes vum Ministère fir Kräsi, Godrong an Trottoirplacken. Do steet dran, dass deen Dall mat sengem Fiels an alle Leit, déi hei wunnen, elo der Stad gehéiert. Si hunn en agetosch géint



PIT WEVER

déi onverëffentlecht Tagebicher vun der Melusi-
na an eng Tut gebrannte Mandelen. Näscht hei
an deem Dall géif jeemools dem Rosa gehéieren,
egal ob hatt hei gebuer gouf an hei stierwe wäert,
egal ob hatt all seng Kanner am Flodi gedeeft
hat, dee sech wéi e knaschtege Schongstréckel
matzen duerch d'Fielsen zitt.

Pawee ass ze deier, sou haten se gesot. Ze deier fir
en Dall, deen net méi ass wéi eng Sandkëscht. Ën-
nert dem Pawee fänkt de Sand schonn un, noze-
ginn. D'Haiser bécken sech lues a lues no vir. Si gi
kromm, wéi d'Aarbechter kromm ginn, vum Stee
schloen a vum Wäsch wäissen, mee dat heescht
nach laang net, dass si bockelen. Hei kann ee
gläichzäiteg e Bockel hunn an awer de Kapp héich
halen. Dofir brauch een en zolidd Réckgrat an eng
stramm Akaul.

A lo hu se dem Rosa vun do uewen tatsächlech
e Kand geschéckt, e blatzege Bouf. En Ingenieur
soll et sinn, deen ausgesäit, wéi wann se en op
d'Krëibänk gespaant a laang gezunn hätten. Wéi
e Glas Mëllech gesäit en aus, dat ee mat Waasser
aus dem Flodi gestreckt hätt, gläichzäiteg méi an
awer manner.

Gliddege Godrong wëll hien iwwer dem Rosa
säin Dall sträichen, wéi Mëllass op eng Schmier.

De Godrong ass d'Zukunft, sou haten se gesot.
Dat léiert en Ingenieur. Esou steet et an de Bicher.
Esouguer a sengem Bréif steet et schwaarz op
wäiss. De Geroch vum schwaarze Godrong hän-
kt dem Wëllem a senge wäisse Fliichten. Villäicht
mengen se dat domat. Villäicht ass de Godrong
esouguer d'Éiwegkeet, well et kënnt him vir, wéi
wann de Geroch grad esou laang iwwerdauere
kéint. Moies drénkt hie wäiss wotlech Mëllech a
kacht sech Eeër vu wäissen Hénger, vun deenen
hie just dat Wäisst ässt. An awer fillt seng Zong
sech déi meescht Deeg zéi u wéi Mokuch.

De Godrong ass d'Zukunft. Just net wann et waarm
ass. Da fänken d'Stroossen nämlech u mat fléisse

wéi de Flodi. Mee dat muss een de Leit jo net
soen. A sou waarm gëtt et villäicht och guer net. Si
wäerten eng Godrongsfabrick bauen, matzen an
den Dall, dann ass et eriwwer mam Rosa an allen
aneren, déi hei liewen.

De Wëllem muss dem Rosa den offizielle Bréif
vum Ministère fir Kräsi, Godrong an Trottoirs-
placken iwwerreechen. Virsiichteg hält hien eng
Hand erof a gräift a seng Täsch.

Wusch. Lo flitt de Steen.

De Wëllem duckt sech nach just mat Zäit. Hie
spielt de Loftzuch iwwert sengem Scheed wéi en
Néitsen. De Bréif faalt hien ausernee a wénkt do-
mat an dem Rosa seng Richtung.

Wa se him säin Doheem wéilten huelen, da
géif hie warscheinlech och mat Steng geheien.
Villäicht awer och net. Enges Daags wäert et esou
wäit sinn. Well d'Zukunft muss groussaarteg ginn,
an alles wat grouss ass, brauch vill Plaz. An de Wël-
lem ass net d'Zukunft, sou vill ass sécher. An der
Zukunft gëtt et Plastik a Styropor a Rakéiten, déi
an de Weltall fléien. Ob säi Ministère hien och
geschwënn emol dorobber schécke wäert, fir an
der Schwéirelosegkeet d'Mëllechstrooss ze go-
dronéieren?

De Wëllem hieft de Pawee op, als Beweismëttel.
Da wéckelt hien e virsiichteg a säin offizielle Bréif.

D'Rosa steet nach ëmmer op senger Säit vum Dall,
genee do wou se d'Fabrick wëllen opriichten.
Hatt waart op eppes, wat ni méi kënnt.

Muer ass och nach Zäit fir Godrong ze maachen,
denkt de Wëllem, well muer ass d'Zukunft.

Fir haut geet hien heem.

Claudine Muno

(*1979) ass Schrëftstelle-
rin a Musekerin a schafft
haaptberufflech als Char-
gée d'éducation fir Musek a
Schreiwen an engem Lycée.